***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all wësst fueren mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2021 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2021/2022.**

# D'Scouts-Joer 2021/2022 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Nodeems déi ganz 6 läschter Méint vun der Coronapandemie an domat verbonnenen Restriktiounen gekennzeechent war, hat de Summer insgesamt eng méih positiv Entwécklung kannt, an d'Hoffnung oder d'Illusioun war grouss, nees am Scoutsbetrieb zu enger gewësser Normalitéit zeréckzefannen.
- Offiziel huet daat neit Scoutsjoer sein Ufank geholl mam **LGS Kongres,** Samsdes den 19.09.2021. Aus bekannten Ursachen ass hei probéiert ginn, nett vill Leit an e geschlossenen Raum ze sperren. Duerfir war dese Verbandskongress am Stade Josy Barthel an der Stadt.
- Den **LGS-Chefdag 2021** war du Sonndes, de 26. September 2021, an den Däichwisen, direkt niewent der Däichhal zu Ettelbréck. Weinst Corona war dest enner Form vun enger Open-air Veranstaltung organiséiert. Trotz verschiddene gudden Iddien an Info'en, ass och dest Joer dess Manifestatioun vun de meeschte vun eise Leit déi dobei waren, als ze laang empfond ginn. Do kann nach verbessert gin.
- Samsdes de 25te September 2021 sinn d'Duelemer Guiden a Scouten fir d'éischt an der neier Saison nees öffentlech aktiv ginn. Fir de **Schnupperdaag 2021** hate mir nees fir moies op eng Demo-Versammlung fir Biber a Wellef bei den Home geruff. Trotz Corona ware vill Kanner a vill nei Kanner komm, a mir konnten zefridde sinn, datt eis Effektiver nett méih kleng géife ginn.
- Domat war de Startschoss gefall, fir mat Optimismus an eng nei Saison ze starten. Duerfir huet sech eis Chefféquippe fir Sondes den 10. Oktober 2021 no der Partizipatioun un de **Commémoratiounsfeierlechkeeten** vun der Gemeng, RV am Home ginn fir den **1. Grupperot vun der neier Saison**. Bis 16:00 gouf geplangt an diskutéiert, an du koumen eis Frënn vun der Amicale dobei, an daat Ganzt ass an e gemittlechen Grillowend iwergang.
- Eis **Avex-Branche** huet déi nei Saison direkt op der Iwerhuelspuer ugefaang. An enger vun den éischte Versammlungen si sie, nach mat de Kandidaten déi an d'Carapio sollten, Dënschdes den 12. Oktober 2021 eng Partie **Lasergame** spille gang.
- All nei Saison fänkt gewéinlech un mat de Monté'en an eng héiger Branche, Esou och dest Joer.

- D'**Montée vun de Biber bei d'Wëllef** war de 16/10/2021 a Form vun engem Rally duerch Duelem. D'Biber mussten an 3 Gruppen, mat Ennerstëtzung duerch d'Wëllef, Aufgaben léisen, fir een finalt Léisungswuert ze fannen an um Enn beim Home, no enger Muutprouf hiren neie Foullard ze kréien. Esou koumen 10 nei Kanner erop bei d'Wellef.
- **D'Carapio** haten hiren neien Frënn fir **d'Montée** RV gin fir den 30/10/2021. Mat enger Verkleedung goung et per Bus an d'Stadt, wou sie hir Handy'en agetauscht hun, géint een alen Nettsmartphone mat prepaid-Kaart als läschten Noutstop. Eng Reih Aufgaben hu missten an der Stadt erfëllt gin . Um Enn gouf et zu Duelem am Home eng gudd Raclette fir déi gelongen Montée ze feieren.
- Freides den 22. Oktober 2021 hun dun och eis **Albatrosse** gewisen, datt et sie nach gett. Mat engem **1. Bar des anciens** hun och sie déi nei Saison agelaud.
- Vun **de Wellef bei d'Avex war d'Montée** de 06/11/2021 an huet moies beim Home ugefaang. Fir d'éischt hun d'Kandidaten mussen Duelem no engem „WLAN-Kabel" duerchfroen goen. Nom Pic-nic goung et op Remeléng an de musée des mines. Dank dem Alexandre sengen Connections, hate si d'Gallerien ganz viir sech. Mat enger Kärz hun d'Kandidaten mussen de Wee duerch déi daischter Gäng sichen. Dobei goufen sie vun engem viruellen Zuch opgescheucht, iwert deen de Guide vum Musée awer méih erféiert war wéi d'Kanner. Eng Grillade beim Home huet dese flotten Daag ofgerennt.
- Um **Halloween WE** de 06/11/2021 am Home kruten déi nei **Biber** (vum Schnupperdag 2021) och hiren Biberfoullard.
- An du koum schon en 1ten Highlight fir daat neit Scoutsjoer. Fir den 13ten November hate mir eis Kanner, hir Elteren, eis Frënn an Eieregäscht invitéiert, op eis **Mäertensfeier 2021** ze kommen, a mat eis, eise Patréiner nees würdeg ze feieren. Fir eise Kortège mat de Lanteren duerch Duelem, hate mir nees d'Ennerstëtzung vun der Duelemer Musek gewonn, waat der Démarche vill méih e flotte Schein ginn huet. Ganz houfrech ware mir, datt eisen Erzbeschof de Kardinol Hollerich gefroot haat fir mat eis kënnen ze feieren. Esou huet hien de Kortège matgemacht, an duerno d'Mass zelebréiert, déi mir Scouten zur Feier des Tages animéiert hun. Eng potentiell nei Traditioun huet dobei hir 1. Editioun erlieft. E séisst Gebäck extra fir gedeelt ze gin, déi sougenannten ***Duelemer Mäertens-Mantel-Mëtsch*** ass no der Mass verschenkt gin. An duerno hu mir eis Gäscht nach mat bei den Home gehollt, wou dobaussen, an am Respekt vun de Covidmesuren, eng kleng Agape an e Patt zervéiert goufen. De Steve a seng Kichenéquippe haten nees eng Kéier hiirt Können ënner Beweis gestallt.
- Freides den 19. November waren eis **Albatrossen** nees um Wierk. Sie hun sech am Home fir e flotte **Spillowend** getraff. Secher deen 1. zanter 4 Joer.
- Vun Donnegdes dem 25ten November un waren e puer Leit am Home zesummen,fir mat der Produktioun vun de bestallten **Adventskränz** unzefänken. Owends goufen sie nach vun de Carapio ënnerstëtzt, déi an hirer Versammlung mat ugepaakt hun fir datt mir all d'Commanden zur Zeit géife packen. Samsdes de 27. November war moies d'grouss Finale vun der Adventskrantzproduktioun 2021. Flott war, dass nees eng ganz Reih Leit aus Albatrosse an Amicale disponibel waren, fir d'Kräentz auszeliwweren. An esou war fir Metteg, d'Aktioun Adventskräntz 2021 zu eiser

Zefriddenheet ofgeschloss an 105 Kräntz haten eng Plaatz fonnt fir d'Adventszeit anzelauden.

- Den Daag drop, Sondes den 28. November konnte mir, no enger Covid-Paus 2020, eng léif Traditioun nees ophuelen. Den Alexandre, de Carlo, d'Deborah, d'José an d'Shirin haten sech et nett huele geloos, um 1ten Adventssondeg bei der **porte ouverte vum Buttek MOSAIK** nees als Scouten eng kleng gemeinsam BA ze maachen. Mat der Zoubereedung an der Vente vu fresche Käsespätzle, wollten sie e klengt Stéck beidroen zu deem groussen Effort am Déngscht vun der Nächsteléift. Waat wier méih passend fir den Advent unzefänken?
- An der Versammlung vum 04/12/2021 ass de **Klés'chen** mat direkt 2 Houséckeren bei d'Biber komm. No Gesang a Gezidders hun d'Kanner eng Tiitchen kritt. Fir d'Maité an d'Céline hun déi 2 Schwarz Gesellen eng Rutt dogelooss Déi schéngen Eppes méih gewosst ze hun..???
- Dëst Joer gouf et bei der **CaraPio Regionaléquipe Zentrum** amplaz vum Traditionellen Keelentournoi e **Bowlingtournoi**. Dofir hunn sech den 12.12.2021, eng 99 **CaraPio** mat hire Chef zu Péiteng getraff. Gewonnen hunn CaraPio vun Leideleng virun deenen vun Walfer an **Duelem.**
- Samsdes den 18ten Dezember, waren e puer vun eise Cheffen am Nometteg op de Briddel gefuer, wou eng kleng **Verdeelungs-Feier ronderem d'Friddensliicht** vu Betlehem vum Verband organiséiert war. Den Oflaaf an den Inhalt vun deser Feier, gouf vun eise Frënn, déi schon oft bei esou Manifestatiounen dobei waren, als ziemlech flaach an entäuschend erlieft. Mais egal, elo war d'Friddensliicht zu Duelem, a konnt sein weidere Wee och mat eis untrieden.
- Fir Sondeg den 19.12 haten sech 2 Albatrossen mam Carlo RV gin,fir zu Duelem an der Kiirch **d'Kreppchen opzeriichten**. Den Alexandre hat scho vill Viirarbecht geleescht, huet awer dunn kurzfristeg missen ofsoen. Wéi dunn och nach de Mike, deen a Permanence war, en Asatz kritt huet, war de Carlo owends eléng mat dem Projet an der Kiirch. Et heescht: „ an der Nout léiert een seng Frënn kennen". Abee daat war eng ganz schéin Erkenntnis, well 15 Minuten nodeem s d'Deborah vum Carlo senger Solitude héieren hat, stoungen 6 Mann aus der Famill Vandivinit an der Kiirch, fir eng Hand mat unzepaken. Et wor e klengt Kreschtwonner geschitt. Merci duerfir!!
- Gudd, dass d'Kreppchen esou nach fäerdeg gouf, well schon den nächsten Daag, Méindes den 20.12.2021 hate mir eis Memberen, trotz de verschäerften Coronarestriktiounen op eng **Kreschtdagsfeier** invitéiert. Et waren vill Leit an der Vakanz, an eng Partie Coronabedingt ausgefall. Esou hun 3 Kanner hir Unmeldung nees mussten zeréckzéien nodeems sie a Quarantäne gesat gi waren. Secher waren der och eng Partie Leit veronsechert wéinst der ganzer Situatioun, sou dass mir um Enn nëmmen zu 22 Leit fir déi Feier waren. No engem Schnelltest un allen Partizipant'en, deen mir dank dem Deborah senger Qualifikatioun och nach valabel zertifizéieren konnten bei deenen Jugendlechen, wou de Législateur daat viirgeschriwwen hat, konnte mir mat eiser Veillée an der Kiirch lassfueren. Mat Mask, Distanz an am Sëtzen , konnte mir awer zesummen probéieren, eis Gedanken ze maachen iwert de Senn vu Kreschtdaag. Liddersangen an en Austausch vu Cadeau'en an der Kiirch huet desen Deel vun eiser Feier beschloss. Anschliessend

si mir bei den Home gang, wou e puer gudd Séilen e Feier an de Grill ugfang an Gedrénks prätt gestallt haten. Esou konnte mir eis Feier dobaussen mat engem klenge Maufel beschléissen. De Wirschtgen vum Grill war gudd, awer Naischt am Verglach mat den herrlechen Menu'en, déi de Steve eis an der Vergangenheet fir dess Gelegenheet bescheert hat.

- Fir Freides de 24.12.2021, op helleg Owend hate mir nees vill Wëlles. Ab 14:00 si mir mat 5 Equippen op den Tour gang, fir **d'Liicht vu Betlehem** bei eng 70 Leit an eisen Dirfer ze bréngen, déi al, krank , eléng oder duerfir oppen waren. Wie ëmmer hu mir eisen Tour zu Syren um Graf vun eisem Frënd dem Sebastien Machtelinckx ugefang, deen 2002 mat nëmmen 17 Joer gestuerwe war. Hien ass nett vergiess! An de Wochen viru Krëschtdag haten Wellef an Biber an hire Versammlungen Kichelcher gebaak. Esou hate mir och nach e klenge Cadeau deen mir mat der Käerz mat der Flaam konnte verschenken. Och dest Joer war d'Freed bei eis wéi bei de Leit allgemeng ganz grouss. Am beandrockendste war eise Besuch bei der Mme Pauline Becker-Blasius zu Stadtbriedemes, déi demnächst hiren 103. Gebuertsdag feiert, an déi ganz bewosst a frouh, wann och mat der gebuedener sanitärer Distanz, eise Besuch empfangen huet. Sie huet eis schon RV gi fir 2022!
- Duerno goung et huerteg op Duelem hannescht, well fir 18:00 war hei **d'Familljemetten** programméiert, an hei wollte mir Scouten jo och nach e puer Streppen zéien. Um Enn vun enger heemlecher Mass, déi mir animéiert haten, hu mir nach de Leit beim Erausgoen aus der Kiirch e klengt Glas mat enger Kärz mat der Flaam vu Betlehem an eng Tiitchen Kichelcher geschenkt. A well et dest Joer emol ganz wandstëll war, dierften och emol nees e puer Flaamen doheem an den Haiser ukomm sinn. Op alle Fall war elo de Rido gefall, a mir konnten mat Freed am Härz heemgoen, mat deem gudde Gefill, Kreschtdaag nett nëmmen zu engem Iess a KonsumFest gemacht ze hun.
- Fir Freides den 14te Januar 2022 hun d'Albatrossen endlech eng ganz al Iddie an d'Realitéit emgesaat. Nodeems et schon eng ganz Reih vun Summerracletten op der Bühn virun der Scoutskirmes ginn haat, war et dunn endlech Zeit fir de joereszeitlechen Géigenakt duerchzezéien. Esou hun sech 10 romantesch Naturen, an décker Keelt fir den **1ten Wantergrilling** beim Lagerfeier afonnt..
- Fir Denschdes de 25. Januar hate mir eis **Generalversammlung** 2022 ugekënnegt a geplangt. Nodeems 2021 Covid eis GV. Platze gelooss hat, wollte mir 2022 onbedéngt nees ukommen. Leider huet eis Gemeng een op „toter Mann" gemacht. Weder op eis Froen nom Accord fir d'GV am Home, waat jo e Gemengebai ass, nach op eis Invitatiounen huet irgendeen vum Schäfferot reagéiert. Esou si mir deen Daag ganz enert eis bliwwen, an hun eis legal Obligatioun vun enger transparenter GV erfëllt.
- Fir Freides den 11te Mäerz 2022, hu mir eis Memberen invitéiert, dobaussen virum Home den **29te Gebuertsdag** vun eisem Scoutsgrupp ze feieren. Eng 55 Leit hun des Invitatioun ugehollt, an zesummen hu mir bei enger leckerer Grillade, an engem Steck Gebuertsdagsbuche, e puer flotter Stonnen zesumme verbruecht.
- Donnegdes de 17te Mäerz war eemol nees Eppes ganz Neies am Home lass. **D'Katholesch Kierch** huet sech op de **synodale Wee** gemaacht fir bis 2023 emol un der Basis nozefroen, wou d'Katholiken haut stinn, a waat sie a Bezuch op hir

Kierch denken. All Katholiken op der ganzer Welt waren hei invitéiert, fir sech ze manifestéieren. Kloer dass mir Duelemer Guiden a Scouten, déi mir eis jo nach als e kreschtleche Verein verstinn, do eise Päfferkär beilé'en wollten. Esou hate mir, agebonn an déi grouss Démarche vun eisem Poorverband, fir deen Owen invitéiert, fir esou och zu Duelem e Gespréichsforum ze bidden, fir an deen synodale Prozess anzegreifen. Déi Versammlung war also fir all Mënsch op, nett nëmmen fir eis Memberen. Et waren zwar nëmmen 13 Leit deen Owend komm, mais mir haten awer e ganz interessanten an intensiven Austausch. Besonnesch frouh huet eis gemaacht, datt am Beitrag vun der Poor Drailännereck Musel a Ganer St Nikolas, an déi eise Positiounspabeier agefloss ass, ganz kloer Spueren an Tournuren aus eisem Input erëmzefannen waren.

- Donnegdes de 24te Mäerz huet e ganz trauregt Ereegness eis Guiden Scouten zu Duelem zesummen geféiert. Eis gudden an treien Frënd a Grënnungsmember de **Guy Seil** war no laanger Krankheet gestuerwen. Mat enger massiver Präsenz beim Begriefness, wollte mir eise léiwe Frënn, dem Annie, dem Tim an dem Ben eis Léift an eis Verbonnenheet mat hinnen, an hirem léiwe Verstuerwenen weisen. Et ass schwéier, léif Mënschen, mat deenen een vill schéin Wee'er zesummen gemacht huet, leiden ze gesinn, ouni wirklech Eppes hëllefen ze kënnen. Gottseidank, bleift eis d'Hoffnung, de Guy bei eisem iewechte Chef erëmzefannen.
- Samsdes de 26te Mäerz waren 2 vun eise Cheffen, d'Nathalie an de Carlo, op den Cents gefuer, fir do als Delegatioun vum Duelemer Grupp un enger Manifestatioun ënnert dem Thema „ **Meet the ChefScout**" deelzehuelen. Desen ***panel talk*** mat eisem Grand-Duc héritier dem Prënz Guillaume, war fir all lëtzebuerger Guiden a Scoutsgruppen geduecht virum Hannergrond, dass eise CheffScout kurz virdrun vum schwedesche Kinek, d'Présidence vun der **Fondation mondiale du Scoutisme** iverholt hat. Virun de lëtzebuerger an auslännesche Gäscht huet hien seng nei Chargen viirgestallt, an an engems déi Fondatioun méih bekannt gemacht. Sein Oofschloss huet desen interessanten Owend ronderem d'Lagerfeier fonnt wou mir mat kulinaresche Spezialitéiten aus der Welt vum outdoor-cooking verwinnt goufen. Ze erwähnen bleift an dem Kontext, dass och hei déi Duelemer nees d'Fanger am Spill haten, andeems eise Gruppechef de Steve, sein Know-how abruecht huet an eng vun de villen Kachplatzen bedriwwen huet, un deenen d'Gäscht sech zervéieren konnten.
- Méindes den 28te Mäerz waren eis **Albatrossen** mol nees um Dill. Mat enger grousser Delegatioun hu sie sech an der Duelemer Stuff getraff, fir op der **Keelebunn** an bei engem gudde Maufel, e puer flotter Stonnen ze verbréngen.
- A schon erem musste mir den Trauerflor un eis Scoutsuniform heften. Eiser gudder Frëndin a first-Lady vum Grupp, dem **Monique sein Papp** den **Erny Bernotte** war gestuerwen. Esou hu mir eis alt nees op de Wee an eng Begriefnessmass gemacht, fir e léiwe Mënsch an enger schwéierer Stonn ze begleeden an hien eis Verbonnenheet spieren ze loossen.
- Fir Samsdes den 23ten Abrëll hate mir all eisen Helfer op der läschter Scoutskirmes am Home RV gin fir **eis traditionell Agape**. Bei Fierkelshämmchen, déi eis de Steve nees wonnerbar zoubereet hat, an Äeppelkuch aus dem Dutch Oven, hate mir gemittlech Zeit, fir mat bewährten an neien Kirmeshelfer, ze

plangen fir eng 1. Post-Covid-Edition vun der Duelemer Scoutskirmes. Ganz flott war dobei nach, daat grad dee WE den Challenge „**Iron Scout**" vun der nationaler Carapiobranche gelaaf ass. De Clou war datt mir 4 Jongen dobei haten, déi alleguer déi 65 km Marche a 24 Stonnen gepackt hun. Am Home hu mir mat hinnnen matgeféiwert, wéi sie op de läschte Kilometer waren. Duelem war alt nees eng Kéier dobei, a wéi!

- Fir Samsdes den 30ten Abréll hat eis Gemeng d'Vereiner opgeruff, fir bei der **Groussbotz** matzehëllefen an esou aktiven Naturschutz ze bedreiwen. Well d'Léift zur Natur all richtegem Scout an d'DNA ageschriwwen ass, hu mir eis hei nett fléiwen gelooss. Mat enger 31 Leit grousser Delegatioun ware mir beim Schaffen, a bei der Grillade eng vun de Gréissten . E Scout mëscht eben naischt hallef.
- Och aner léif aal Traditiounen hun op eng Reprise no 2 Joer Corona-Paus gewaart. Duerfte mir 2021 nach net virun 6:00 dobausse sinn a pilgeren, konnte mir dest Joer nees d'Oktave op klassesch Manéier mam **Pélé des jeunes** ufänken. Esou hu mir eis Samsdes owends de 7te Mee, am Home afonnt, fir mat enger Raclette an enger reliéiser Veillée, Kierper a Geescht viirzebereeden fir de Pilgergang bei d'Muttergottes. Fréih an der Nuecht hu mir eis op de Wee gemacht, fir zur Zeit an der Kathedral ze sinn. Mir waren zwar nett zu vill, mais mir hun et fäerdeg bruecht, e ganzt Stéck zesummen de Rousekranz ze bieden. Méih schwéier war et no der Pélésmass, fir en Desch ze fannen fir Kaffi ze drénken. De Mäertchen huet eréischt um 11 Auer opgemaacht an d'Formule „petit déjeuner" gouf et och nett méih. An der ganzer Stadt war just eng eenzeg Bäckerei op, an do hu mir eis, mat anere Pilgergruppen, déi wéineg Plaatzen gedeelt.
- An de Fréijoersméint haten sech d'Wëllef an d'Avex e gemeinsame Projet viirgehollt. De **Projet „Hochbeeter"** huet sie während ville Versammlungen beschäftegt. Während d'Avex hir Skills beim Bauen vun den 3 Hochbeeter abruecht hun, waat an der Versammlung vum 10te Mee oofgeschloss gouf, waren vun do un d'Wëllefcher um Tour, fir ënnert der Leedung vum José, dess Beeter mat Liewen ze erfëllen. Esou hun eis Wëllef Woch fir Woch kënnen erliewen, wéi eng Arbechten grad u wéi enge Planzen misste gemacht gin, a besonnesch och wéi eng lecker Friichten un Uebst a Geméis do entstane sinn a probéiert konnte ginn.
- Wann d'Oktave bis amgang ass wesse mir, dass eis **Scoutskirmes** nett méih weit ass, a vill Réuniounen an Aktivitéiten am Hannergrond bereeden dess fir eis ganz wichteg Aktivitéit viir. Esou hu sech ab Samsdes dem 21te Mee 2022, e Grapp héichmotivéiert Carapio mam Carlo op der Wiss getraff, fir den Zougang zur Kiirmes, mat enger scoutsméisseger sougenannter PH-Konstruktioun ze verschéineren.
- Bis Denschdes den 24te Mee war eis Paart fäerdeg, an et goung direkt weider mam Opriichten vun den Zelter, waat méiglech war, well dest Joer d'Kirmes an d'Paischtvakanz gefall war, a d'Kanner a Jugendlech Vakanz haten. Dee selwechten Owend konnt dun, no 2 Joer Ausfall déi **10 international Scoutssummerraclette vun den Albatrossen** an engem vun de Kiirmeszelter gefeiert gin. Mettwochs owends den **25ten Mee 2022** ass dun em 19:00 eis Kiirmes lassgang. An direkt fir 20:00 war och schon den 1. Kulturellen Highlight mam Optrëtt vun eiser **Kirmesstrëpp**, déi mat hire schmassegen Melodien ze begeeschtere woust.

- Op **Christihimmelfahrt** den Dag drop, hu mir Guiden a Scouten fir d'éischt eis Kirmesmass an der Duelemer Kiirch animéiert, éih eis Kirmes kurz viru Metteg mat engem Konzert vun der Déiferdénger Jugendmusek nees Konscht a Kulinarik zesummenbruecht huet. Nomettes goung et wéi gewinnt, mat Kannerspiller an engem spanende Voleyballturnéier weider. An owends hate mir dach tatsächlech daat grousst Material nees alles agepakt. Zefridden hu mir festgestallt: „ mir kënnen et also nach" !
- Freides den 27te Mee, huet den harde Kär vun der Duelemer Scoutsszene nach op der Wiss an am Home geraumt, gebotzt a Räschter verziert, an du war eng gelongen **Kirmes** zu Enn. Deen Erfolleg si mir owends, fresch ausgerouht zu 39 Leit op Uespelt an de Kraëltgen feiere gang. Daat sinn esou kostbar Momenter, wou een am Krees vu gudde Frënn, den Erfolleg vun gemeinsamer Leeschtung genéisse kann gekréint vun dem gemeinsame Gefill, Eppes Guddes, daat Richtegt gemach ze hun.
- Fir Paischtméindeg de 6te Juni 2022 hate sech eng Reih Albatrosse a RaRo beim Home RV ginn fir eng méih traureg Aktioun. Den **Naturléierpad,** mat deem mir um Chefdag am September 2011 den 2te Prais gewonn haaten, an dee mir den 13ten November 2011 offiziell ageweiht haten, ass **ofgeriicht** gin. Nodeems mir eise Rondwee zweemol, no Vandalismus nees mat groussem finanziellen an kierperlechen Asatz an d'Reih bruecht haten, war elo, no engem weideren gréisseren Akt vun Zerstéierung Schluss fir eis. Traureg hu mir der Dommheet d'Plaatz iwerlooss, an hun, bis op d'Vullenhaisercher héich an de Beem, d'Räschter vun de Statiounen an d'Beschëlderung ofgebaut an entsuergt.
- Fir Mettwochs Owends den 22te Juni hat eis Gemeng op d'Feierlechkeeten zum lëtzeburger **Nationalfeierdag** 2022 invitéiert. Beim Te Deum a bei den zivile Feierlechkeeten rondem de Centre culturel zu Duelem, ware mir mat eise Faarwen présent.
- Samsdeg den 9te Juli, perfekt als Ofschloss vun der Saison, hun eis **Biber** nach en Ausflug op Gréivemaacher an de **Paiperlécksgaart** gemacht. Hei konnte sie vill Schéines aus der Natur hautno erliewen, an sech schon un déi tropesch Temperaturen upassen, déi an den nächste Wochen sollte kommen.
- An du war et nees Zeit vun de Summervakanze, a wien seet Summervakanz, seet **Summercamp**. De flotten Héichpunkt vun all Scoutsjoer war nees do.
- Vu Freides dem 15te bis Méindes den 18te Juli waren eis Biber a Wëllef zesummen fort. Fir hiren Summercamp „**Biwel am Süden**" haten sie sech zu Déiferdéng am Chalet Hondsbësch aquartéiert. Vun hei aus hu sie vill flott Aktiounen gemacht fir d'Welt an de Süden vum Land a seng Geschicht kennen a verstoen ze léieren. Sou hu sie um Astronomiepad zu Scheffléng hautno e Begrëff duerfir kritt, wéi weit d'Planéiten an eisem Sonnesystem vun eiser Sonn fortsinn, a wéi grouss sie par rapport zur Sonn sinn. En aneren Ausflug huet sie an de Fonds de Gras geféiert, wou beim Train 1900 hinnen den öffentlechen Transport a seng Technik anno 1900 méih no bruecht gin ass. Vill flott Spiller, eng Olympiade an eng Ofschlossparty hun dese Summercamp fir eis Klengst zu engem onvergiesslechen Erliewness gi gelooss.

- Vum 16. Op den 29. Juli huet et eis Duelemer **Carapio** op eng wonnerbar Aventure an Eisteraich verschloen. Den **nationale Carapio Camp** huet, ënnert dem villsoenden Titel **„ZAM"** 246 Carapio, 71 Chef an 39 Leit vum Staff bei Villach no der slowenescher Grenz an 857 km vu Lëtzebuerg fort, matten an onberéierter Natur fir en onvergiesslechen Scoutsmoment zesummenbruecht. E Camp vun de Superlativen (36 Grad Celsius Maximaltemperatur de 25.07.2022), 2864 m den Gipfelpunkt vum Bierg Triglav, d'Ziel vum schwéiersten Hike (wou de Philipp Lahr dobei war). Onheemlech flott Aktivitéiten goufen gebueden, an nëmmen 15 Leit haten um Camp de sch. Corona kritt, a mussten an d'Isolatioun. Dommerweis waren der dobei vill vun den Duelemer Carapio a Cheffen betraff. Den Hike hate si nach matgemacht, an duerno war emol fir sie e puer Deeg Schluss. Fir d'Schlussfeier war awer nees all Mënsch aus der Quarantäne entlooss a konnt nees matfeieren.
- Als nächst huet et eis **Avex** dunn erausgedriwwen. *„Warum denn in die Ferne schweifen, wenn das Gute liegt so nah?"* Ennert dem Motto hu sie sech vu Samsdes dem 23ten bis Sondes den 31te Juli zu Munneref am Badboechelchen beim Chalet vun der Munnerefer FNEL fir hire **Summercamp 2022** aquartéiert. Beschäftegt huet sie den Duelemer Spezialthema **„d'Réimer"** déi sech wéi e roude Fuedem duerch d'Aktivitéiten vum Camp gezunn hun. E gepefferten Hike huet sie bis hannert Wasserbëlleg d'Musel of geféiert, wou sie an engem restauréierten réimeschen Tempel iwernuecht hun. Ausfligg an de Maislabyrint zu Merzig, an d'Calypsobad, un de Losheimer Séi an an d'Réimervilla zu Borg hun hinnen vill interessant a léierreich Impressiounen an Erliefnesser bruecht. Nei Spiller wéi en Escape-room um Camp an e Sportsdag mat enger Olympiad hun am Programm fir en Equiliber teschend Geescht a Kierperbeanspruchung gesuergt.
- Vu Mettwochs dem 10ten bis Freides den 19ten August 2022, waren och eis 6 Permanent-Pilger op **Santiago de Compostella** nees ennerwee. Well de Wee AR bis a Spuenien emmer méih weit gett, fuere sie elo jeweils 1.5 Deeg fir ee Wee. No 6.5 Deeg Marche si si 175 km weider no Westen virukomm. 1.907 km hu si zanter 2012 elo vun doheem aus gemaacht, an et bleiwen elo nach 395 km bis Santiago wou sie 2025 ukomme wëllen.
- Elo waar , kurz virun der Rentrée, définitiv de Rideau gefall fir d'Scouts-Saison 2021/2022.
- No em déi 150 normal Versammlung mat de Kanner a Jugendlechen aus alle 6 Branchen, no mindestens 6 Grupperéit an enger Partie Virbereedungs - a Planungs Réuniounen vun de Cheffen vun den eenzelne Branchen an de 35 Wochen baussen de Vakanzen, déi eng Saison ausmaachen, war elo nach e wéineg Zeit, Hiem a Foullard ze lëften, an e wéineg Distanz ze gewannen, fir d'Batterien fir eng nei Saison nees ze lueden.